N°123
Entrée le 18.12.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 19.12.2023
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/12/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kultur weiderzeleeden.**

Zu Péiteng soll een Eisebunnsmusée opgemaach ginn, an deem, nieft historeschem Fuermaterial, och verschidden historesch wäertvoll Deeler vun der Ettelbrécker Gare sollen agebaut ginn. D'Gemeng Péiteng huet sech dofir ee Virkafsrecht bis 2025 op een Terrain no vun der Gare geséchert, fir dass de Staat de Musée hei baue kann, wéi d'Plattform virgule.lu dat och 2022 beriicht hat. De Ball läit also elo beim Kulturminister.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wäert de Kulturminister um Bau vum Eisebunnsmusée zu Péiteng festhalen?
2. Bis wéini wäert ee konkrete Projet fir de Site zu Péiteng virleien?
3. Wéi soll d'Käschtenopdeelung tëschent der Gemeng an dem Staat ausgesinn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten